PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Am Kontext vum Coronavirus siche Biergerinnen a Bierger, déi Symptomer opweisen, déi op de Virus kéinte passen, hiren Dokter op. A verschiddene Fäll stellt den Dokter eng Ordonnance aus, déi dem Patient recommandéiert sech op de Virus testen ze loossen. Dësen Ordonnancë gëtt eisen Informatiounen no net ëmmer Rechnung gedroen an den Test gëtt net duerchgefouert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, datt Leit, déi Symptomer opweisen a vun hirem Dokter recommandéiert kruten sech op de Virus testen ze loossen, trotzdeem net getest ginn ?

2. Madamm Ministesch, wéi ginn esou Ordonnancen gehandhaabt? Ass eng Obligatioun virgesinn dësen Ordonnancen nozekommen?

3. Ass säitens dem Ministère virgesinn, verstäerkt ze kommunizéieren an d'Biergerinnen a Bierger duerch eng geziilt Informatiounspolitik ze rassuréieren ?

4. Ass virgesinn de Budget fir d'Informatiounspolitik vum Ministère opzestocken ? Wa jo, wéi vill Moyene gedenkt d'Ministesch sech ze ginn, fir der Demande no Opklärung säitens de Biergerinnen a Bierger nozekommen ?

5. Bedeiten an ären Aen, Madamm Ministesch, méi Tester och méi Sécherheet, respektiv sidd Dir der Meenung, datt dëst kéint „Panik“ evitéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député